**Evangelium vum 30. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Mk 10,46-52**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

46 Wéi de Jesus mat senge Jünger
a villen anere Leit aus Jericho erausgoung,
souz dem Timäus säi Jong, de Bartimäus,
e blannen Heeschemann, um Wee.
47 Wéi hien héieren huet, datt et de Jesus vun Nazareth war,
huet hien ugefaang ze jäizen: "Jesus, Jong vum David,
erbaarm dech menger!"
48 Vill hunn der him Virwërf gemaach
an him gesot, hie sollt de Mond halen;
hien awer huet nach méi haart gejaut: "Jong vum David,
erbaarm dech menger!"

49 Dunn ass de Jesus stoe bliwwen
a sot: "Rufft hien!"
Si hunn dee Blanne geruff
a soten zu him: "Hief Kuraasch
a stéi op, hie rifft dech!"
50 Dunn huet dee Blannen säi Mantel op d'Säit gehäit,
ass opgesprong
an ass bei de Jesus komm.
51 De Jesus huet hie gefrot: "Wat soll ech fir dech maachen?"
Dee Blanne sot zu him: "Rabbuni, maach, datt ech nees gesinn!"

52 Du sot de Jesus zu him: "Géi,
däi Glaf huet dech gerett!"
An am selwechten Ament huet hien nees gesinn,
an hien ass dem Jesus op sengem Wee nogaang.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*